Wee2050
nee2015

Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, den 2. Juni 2017

D'Sproochepetitioun No 767 vum Philipp Gérard, mat iwwer 4.000 Ënnerschréften, weist wéi onzefridden d'Bierger mat der Sproochesituation am Gesondheetswiese a mat der Politik vun der Regierung sinn. Den CHL ass do e besonnesch schlëmmt Beispill!

Obwuel de Bierger bal guer net duerch d'Medien iwwert laafend Chamberpetitiounen informéiert gëtt, huet d'Petitioun No 767 vum Philipp Gérard, fir méi Lëtzebuergesch am Spidolswiesen, vu sech aus, duerch Diskussiounen op Facebook, ronn 4.300 Stëmmen online kritt.

No der Petitioun iwwert d'Lëtzebuergescht am Precoce an an der Spillschoul, ass dat heiten e weidert Zeechen, datt d'Bierger net zefridde si mat der Situatioun, déi duerch d'Politik vun der Regierung kënnt.

Mir wëllen hei e besonnesch schlëmmt Beispill eraus hiewen, wat eis dacks vun de Leit gemellt gëtt, an zwar den CHL.

Den CHL ass praktesch eesproocheg op Franséisch a violéiert der Regierung hir Politik fir méi Méisproochegkeet, an dat an engem liewenswichtege Beräich:

- D'CHL-Websäit ass just op Franséisch. Et gëtt net mol eng Begréissung op Lëtzebuergesch!
- D'Schëlter si just op Franséisch
- D'Denominatioune vun de Servicer si just op Franséisch
- Formularen, Informatiounen, Rapporten an Brochure si bal nëmmen op Franséisch

Firwat kuckt d'Regierung no an hält net wat se versprécht? Den 9. Mäerz 2017 huet d'Regierung hir Strategie fir d'Förderung vun eiser Sprooch presentéiert. Si gëtt net midd ze betoune wéi si sech fir d'Méisproochegkeet asetzt. Da solle si et beweisen!

Lëtzebuergesch, Däitsch an Englesch mussen och hir Plaz am CHL kréien!

Et geet net nëmmen ëm d'Gesondheet, mee och ëm d'Wuelbefanne vum Patient!

d'Initiativ *Wee2050 - nee2015*
Mail: kontakt@nee2015.lu